N°7872
Entrée le 15.05.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7872 vum 6. Abrëll 2023 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Martine Hansen.**

*Kënnt Dir eis Informatioune confirméieren, datt an eenzele Klinicke keng Scannere méi gemaach ginn, bis de Patient en negativen Test virweise kann?*

*Wa jo, wéi ass des Mesure begrënnt?*

*Wa jo, wat solle Risiko-Patiente maachen, wou den Hausdokter Scanner Opname brauch, fir auszeschléissen, datt d'Longen ugegraff sinn?*

Dem Gesondheetsministère leien keng Informatiounen an deem Sënn vir an d'Spideeler konfirméieren dass et keng Restriktiounen wéi beschriwwen gëtt a keng negativ Tester vun de Patiente gefrot ginn fir e Scanner gemaach ze kréien. Och vu Säiten vum Gesondheetsministère gëtt et keng Virgaben an deem Sënn. Je no gesondheetlecher Situatioun vum Patient kann et awer sinn, dass eng Mask muss gedroen ginn. Am Prinzip entscheet den Dokter, zesummen mam Radiologue an en fonction vun den Symptomer vum Patient, wéi eng Examen opportun sinn.

Lëtzebuerg, den 15. Mee 2023

D'Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert